Guichet.lu

GEMENG Mamer

# WALE FIR D'EUROPÄESCHT PARLAMENT VUM 9. JUNI 2024

## Bréifwal

Fir d'Bréifwal zougelooss sinn:

1. Op de Wielerlëschten agedroen Europäer, déi um Waldag mindestens 18 Joer al sinn;
2. Lëtzebuerger mat Wunnsëtz am Ausland.

D'Demande kann entweder per Bréif, per virgedréckte Formulaire oder iwwert d'Plattform **www.myguichet.lu** gemaach ginn. D'Demande ass un de Schäfferot vun där Gemeng ze adresséieren, wou ee säi Wunnsëtz huet.

D'Demande vun engem **Lëtzebuerger, mat Wunnsëtz am Ausland**, muss un déi Gemeng vum leschte Wunnsëtz am Grand-Duché adresséiert ginn, falls dëst net de Fall ass, un déi Gemeng, an där den Demandeur gebuer ass, falls dëst och net de Fall ass, un d'Stad Lëtzebuerg. Den Demandeur muss eng **Kopie vun sengem gültegen lëtzebuergeschen Reespass oder Identitéitskaart baileeën**.

## Fristen

**Wann de Walziedel un eng Adress zu Lëtzebuerg geschéckt gëtt:**

D'Demande muss dem Schäfferot fréistens méindes, den **18. Mäerz 2024** a spéitstens mëttwochs, de **15. Mee 2024**, zougestallt ginn, fir recevabel ze sinn.

D'Convocatiounsschreiwes an de Walziedel gi spéitstens den **25. Mee 2024** un d'Wieler geschéckt, déi eng Adress zu Lëtzebuerg uginn hunn.

**Wann de Walziedel un eng Adress am Ausland geschéckt gëtt:**

D'Demande muss dem Schäfferot fréistens méindes, den **18. Mäerz 2024** a spéitstens dënschdes, den **30. Abrëll 2024**, zougestallt ginn, fir recevabel ze sinn.

D'Convocatiounsschreiwes an de Walziedel gi spéitstens den **10. Mee 2024** un d'Wieler geschéckt, déi eng Adress am Ausland uginn hunn.

De Schäfferot:

Luc FELLER, Buergermeeschter
Roger NEGRI, Schäffen
Ed BUCHETTE, Schäffen
Francine CLOSENER, Schäffin

Contact: Biergerzenter · B.p. 50 · L-8201 Mamer
T (+352) 31 00 31-48
F (+352) 31 00 31-72

Ëffnungszäiten:
Méindes-Freides: 8.00-11.30/13.30-16.30 Auer
Mëttwochs: *verlängert Ëffnungszäiten 16.30-19.00 Auer op Rendez-vous*

www.mamer.lu

Dëse Flyer ass op recycléiertem „Balance Silk" 135 Gr. gedréckt. Dëse Pabeier ass FSC, PEFC an EU Ecolabel zertifizéiert an ass chlorfräi gebleecht (TCF).

Groussherzogtum Lëtzebuerg ______________________den ______________________2024

**Gemeng Mamer**
**B.P. 50**
**L-8201 MAMER**

# Aschreiwungsdemande fir d'Bréifwal fir d'Wale vum europäesche Parlament vum 9. Juni 2024

Un de Schäfferot vun der Gemeng Mamer,

Ech, de Signataire,

Numm: ______________________ Virnumm: ______________________

Gebuertsdatum: ______________________ Gebuertsuert: ______________________

Wunnuert: L- ______________________ Strooss/No: ______________________

Telefon: ______________________ E-Mail: ______________________

froen heimat d'Zouloossung fir d'Bréifwal fir d'Wale vum europäesche Parlament vum 9. Juni 2024.

**D'Convocatiounsschreiwes an de Walziedel sinn u folgend Adress ze schécken:**

D'Convocatiounsschreiwes an de Walziedel gi spéitstens den 10. Mee 2024 un d'Wieler geschéckt, déi eng Adress am Ausland uginn hunn, a spéitstens den 25. Mee 2024 un d'Wieler, déi eng Adress zu Lëtzebuerg uginn hunn.

______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

Ech deklaréieren, ënnert Eed, dass ech d'Walrecht weder nom Artikel 64 vun der Verfassung, nach nom Artikel 6 vum Walgesetz oferkannt krut.

Mat beschte Gréiss,

______________________
Ënnerschréft

**Dësen Espace ass der Gemengeverwaltung virbehalen:**

| Demande ugeholl no: | Demande refuséiert no: | Agangsdatum bei der Gemengeverwaltung: |
|---|---|---|
| ☐ Art. 328<br>vum ofgeännerte Walgesetz vum 18.02.2003 | ☐ Art. 330<br>☐ Art. 331<br>☐ Art. 3 (1) (2) (3) (4) (5)<br>☐ Art. 4<br>vum ofgeännerte Walgesetz vum 18.02.2003 | |